

Mat dem Festungsplang duerch Gréiwemaacher

E Virtrag vum Monique Hermes



Vue Museldall (Alain Goedert)



De Museldall verdankt säi Räichtum senger gönschteger Lag um Waasser a sengem fruchtbare Buedem. Dofir war en **net eréischt zur Réimerzäit** mä esouguer scho vir dru bewunnt.

Wann ee vu “Gréiwemaacher” schwätzt, da muss een op **eng éischt Siedlung** hiweisen, déi net am Dall, méi **um Buerggruef** louch, net wäit vun der spéiderer Réimerstrooss ewech, déi vun Tréier an d’ Stad Lëtzebuerg gefouert huet.

Buerggruef (Emile Krier)




De Site “Buerggruef”, deen zënter 1989 an 1991 als **Nationalmonument** klasséiert ass, huet nach net all seng Geheimnisser präisginn.

Nom éischte Joerdausend hunn d’Grote vu Lëtzebuerg **“Gréiwemaacher am Dall”** ausgewielt, well d’Uertschaft strategesch gutt louch, fir hir Lännereie virun de mächtege Fürst-Äerzbëschofe vun Tréier ofzesécheren. Schon am 7. Jorhonnert war dat **“Gréiwemaacher am Dall”** wou sech **d’Hauptstroossen Tréier-Lëtzebuerg an Tréier-Diddenhuewe** gekräizt hunn, fir d’éischt ernimmt ginn, an zwar als **“Machara”** oder **“Machera”**; mir kommen nach drop zrëck.

Festungsplang

Et war wuel an 13./14. Jorhonnert, ënner dem **Grof Hari V., dem Blonden**, an ënner sengen Nofolleger, wéi **déi staark Stadmauer** entstan ass, déi 1688 ënner de Fransouse geschliff gouf. Nëmmen d'Tréierer Paart blouf bis wäit an d'19. Jorhonnert era bestoen.

D'Festungsmauer war e Véiereck, 280 m x 250 m laang, a bis zu 15 m héich, ronderëm déi ganz Gréiwemaacher Alstad, an déif Waassergrief hu se nach méi sécher gemaach. Véier Paarten (dräi Haapt-„Diren“ an eng Niewen-„Dir“) hunn an d'Stad eraugefouert: **d'Lëtzebuerger, d'Diddenhewener, d'Tréierer an och nach d'Iechternacher Paart**, déi dacks als Mënschecker Paart bezeechent gouf, wuel wéinst dem Mënschecker Tur direkt dernieft. 27 oder 28 Tir waren an der Stadmauer. Si waren 20 m héich, a vun Tur zu Tur huet e Wiergank mat Schéisscharte gefouert.



Mänschecker Tur (Huelen Zant)



War am nördlechen Ecktur, **dem soug. Mänschecker Tur**, oder Huelen Zant am Volleksmond, esouguer e Prisong? Och dösen Tur ass zënter 1985 als Nationalmonument klasséiert.

Iechternacher Paart (HPPA-Gaart)

D'Iechternacher Paart, déi no bei der „Schuckenhiel“ louch, war vläicht deen eelsten Zougank zur Uertschaft. Hei war awer och **dee schwachste Punkt vun der Festung un der Musel**, an dat wosst de Maarkgrof Albrecht vu Brandenburg am Joer 1552 auszenotzen, wéi en d'Stiedchen iwwerfall, ausgeraibert a verbrenne gelooss huet.



De Festungstur (Kierchtur) (Sam Hoffmann)



Genee an der Mëtt vun där aler Festung stoung – a steet och haut nach – **e massiven Tur**. Dëse Wuecht- a Wiertur, deem seng Mauere sech un der Festungsmauer orientéiert hunn an **deem seng Ecken op d’Kardinalpunkte vun deene véier Himmelsrichtunge weisen**, ass ganz sécher a méi Etappe gebaut ginn.

De Festungstur war dacks Zouflucht fir d’Bierger, wann et nees eng Kéier brenzelech ginn ass an der Stiedchen un der Musel. A wéi Gréiwemaacher de Sätz vun der Landriichterei war, huet en och alt emol als Prisong gedingt. Haut ass d’Symbol vu Gréiwemaacher **de 26 Meter héije Kierchtur vun der Parkierch St. Laurentius**, an dat zënter 1782/83. D’Parkierch, déi vun 1820 bis 2015 Dekanatskierch war, an dee geschichtsträchtege Kierchtur, sinn zënter 2017 als Nationalmonument klasséiert.

De Fräiheitsbréif

Copia.

In nomine sancte & individue Trinitatis, Amen. Nos
Henricus Comes Luceburgensis, Ragonie, & Mar-
chionis Arlunensis, omnibus presentes suas videlicet, ac in
perpetuum notum esse volumus inmensis, quod nos, Hen-
ricus, & in habitatores nri existentes super venientibus,
penitentie libertatis quod dicitur volumus, sub hac forma,
quod de omnibus hinc, que habent infra banum de Blac-
bergen vel extra de annona scilicet novam & veterem,
& de cultu vinearum novam calatam vel mensuram,
quibus in rationis suis colligendis utentur, annis suis
quibus nobis saluent. Insuper domus qualibet de hinc
libertatis quatuordecim denarios Luceburgensis,
septem in die tractu illiusque, & septem in die tractu
remij annis singulis nobis dabitur. Scilicet domus
quolibet caponem unum, anno qualibet in natali
nobis persolvant. Item filio Comitum Luceburgens-
is qui pro tempore fuerit, quando primus abbas ac-
tingit militari, secundum quod Luceburgenses
faciunt, habito respectu quantitatis Blacbergen
ad Luceburgenses manum porrigent ad hunc modum.
Insuper filio Comitum primogenitus quando Firdus
contra hunc mundum, habito respectu quantitatis
Blacbergen ad Luceburgenses suffragari debet, se-
cundum quod faciunt Luceburgenses. Insuper
sciendum est quod annis singulis in festo Pentecostes,
in die sancti Petri pro libertate nra qui in eadem
libertate constituti debemus. Nullus debet
de hinc nri, nisi commiserit infra libertatem ipsius
ville. Sciendum est insuper, quod aliquid de hinc nri

non retinebit nisi de consensu nro. Nec tamen
hinc nri illis exceptis duntaxat. Insuper hinc nri
nri suscipiant defunctis videlicet. Item sciendum
quod ad expeditionem nram de exercitum non
ad morem Luceburgensium illi de Blacbergen
venire tenentur. Item excedas que ab expeditionibus
hinc de exercitibus prouocant ad morem Luce-
burgensium persolvant. Paro delicta sanguinis
& de hinc exercitum suorum ad vestra veteris
confecta duntaxat emendare tenentur. Insuper
per nra delicta, libertatem istam de pace volu-
mus, saluis consibus & decimis quas vel quas ac-
tenuis persolvit, tamen non, ab omni exactione illi,
cibi & tallia, quibus nri testimonium per-
tinet nri appendi mandamus in perpetuum
nobis de munitione, statum anno domini
M^o CC^o & quinquagesimo secundo. Et hoc quod
quod nri Blacbergen nri racemus ac tempus vel vices
sua deducere possunt, nisi nra nri hinc nri
his persolvantur nullatenus appensio citanda.

Per Copia auctoritatis.

[Signature]

29/180



Et war de Lëtzebuerger Grof Hari V – de Blonden – e Jong vun där dichterger Gräfin Ermesinde, dee Gréiwemaacher **am Joer 1252** d'Fräiheet geschenkt an **d'Fräiheetscharta iwwerrecht** huet.


Wat waren d'Bedingunge vun där Fräiheet?

- De Grof krut all Joer den zéngten – oder besser gesot **den néngten – Deel (den „Nauntel“)** vun de Friichte vum Feld a vun der Rief an och nach 14 Pfenneg („Denaren“) pro Haus. Ass deen Zéngtel, resp. deen Nauntel, vläicht an enger fréierer „Zehntscheuer“ (Zéintscheier) an der heiteger Kierchestrooss an domat no beim Haus vum Grof – dat no beim Festungstur a bei der Gemeng gestan hätt – agesammelt ginn?
- **Maacher krut e Riichter**, deen am Ufank – a bis 1515 – vum Grof genannt, duerno vun de Bierger gewielt gouf, an et si **siwe Schäfte** genannt ginn, déi verschidde Kompetenzberäicher haten. (D'Wuert „Buergermeeschter“ daucht eng éischte Kéier am Joer 1633 an de Geriichtsbicher op.)
- Nëmmen deen, deen um Gebitt vun der Stad Maacher gewunnt huet, hat och **d'Biergerrecht** a stoung domat ënner dem Schutz vum Grof.
- **Wa Krich war**, hunn d'Maacher Bierger missen hire Mann stoen.

D'Fräiheet vu Gréiwemaacher ass och spéider ëmmer erëm bestätegt ginn, z. B. schonn am Joer 1384 duerch den Herzog a Keiser Wenzel II., deen d'Stiedchen un der Musel wéinst senger Trei zum Herrscherhaus gelueft huet, oder 1570 duerch de Philipp II. vu Spuenien, 1617 duerch den Albert an d'Isabella vun den Niederlanden a 1769 duerch déi mächtig Keiserin Maria Theresia vun Eisträich.

Et muss een awer ervirhiewen, datt Maacher eréischt **1388 fir d'éischt offiziell als Stad bezechent gëtt** (mat Sätz a mat Stëmm an der „Ständeversammlung“ vum Land).

Maartzeen (Lé Tanson)



Am Joer 1357 huet den Herzog Wenzel I. der Museluertschaft d'Maartrecht ginn.

Den „ale Maart“ ass am ieweschten Deel vun der Groussgaass ofgehal ginn. En huet téscht Stadhaus a Festungstur ugefaang. Handwerk an Handel hunn doduerch e groussen Opschwonk erlieft an zum Räichtum vun der Stad bäigedro. **41 Dierfer dëssäit an déisäit der Musel** waren nämlech derzou verflucht, aus all Haus wéinstens ee Vertrieder op de Wochemaart op Maacher ze schécken.

Um Maartdag sinn och zum dackste vum Balkon vum fréiere Stadhaus aus **d'Gerichtsuerteeler** verkënnegt ginn. De Veruerteelte war derbäi, hie stoung ënnen an enger Mauernisch am „Lomperéng“ an e krut seng Strof nawell ganz gär op der Plaz. Heiandsdo goug deemools eng gutt Truecht Priggel duer als Strof, an all déi, déi nogekuckt hunn, hunn derbäi an d'Hänn geklappt.

Maacher Sigel

Esouzesoe mam Maartrecht krut Maacher och e **Stadsigel** bewëllegt („Sigillum Libertatis de Machera“). D’Vergréisserung an d’Ausschaffe vun deem Stadsigel sollt eppes méi spéit zu deem **éischte Stadwope** féieren.

Am Laf vun der Zäit fanne mer nei Versiounen vum Stadsigel, z. B. 1651 de „Sigillum Civitatis (Comitis) Macherentina“.



Maacher Wopen



De roude Léiw mam Schlëssel ënner der Festungsmauer a mam lénke Fouss „am Waasser“ erënnert un de Wope vum „Befreier“ vu Maacher, dem Hari V.

Schëff Macher

Am Laf vun der Zäit fanne mer, wéi schon ugedeit, och **verschidden Nimm fir d'Stiedchen un der Musel**, vu „Maceries“, wat esou vill heescht, wéi aalt Gemaier, iwwer Machara, (Villa) Macher, Machern a Graf(f)enmachern (no 1338); „das Machern der Grafen von Luxemburg“, fir et vu Kinnecksmacher oder vu Roudemaacher ze ënnerscheiden, bis **Grevenmacher (zënter 1769 a bis haut)**.



A wann een dann nach e bëssen an der
Geschicht vun der Muselmetropol bledert,
da muss een e Wuert soen:

Jang de Blannen (Wikipedia)



Vum Jang de Blannen, (deen der Stad Lëtzebuerg zwar 1340 d'Schueberfouer geschenkt huet), dee Maacher awer am Joer 1346 zesumme mat anere Lëtzebuerger Stied an Uertschaften un den Äerzbëschof Balduin vun Tréier verkaaft huet.

Osburg-Haus (Emile Krier)

Vum räichen Edelmann Peter vun Osburg, deen der Uertschaft Maacher an de Joren 1418 an 1439 säi bedeitend Hab a Gutt no bei der Tréierer Paart vermaach huet – doraus ass **eent vun deenen éischten Zivilhospizer („Spideeler“)** zu Lëtzebuerg entstan.

D’Osburg-Haus gëtt zurzäit restauréiert a vergréissert fir der regionaler Maacher Musekschoul eng definitiv Bleif ze bidden. D’Haus an de Gaart sinn zënter 2017 als Nationalmonument klasséiert.



Zéintscheier (Emile Krier)



Vun eiser Zéintscheier, an där a fréieren Zäiten den Nauntel (vun de Friichte vum Feld an aus dem Wéngert) fir den Herrscher ofgeliwwert ginn ass.

Zéintscheier – Wendeltrap (Alain Goedert)



Déi jëtzig Zéintscheier gouf 1635 gebaut. Et ass en herrschaftlecht Haus **mat spueneschen Elementer** – Lëtzebuerg war deemools ënner spuenescher Herrschaft. D'Gebai steet um Eck vu Poststrooss a Kierchestrooss.

Zéintscheier – Bakuewen (Alain Goedert)



No der franséischer Revolutioun koum d'Zéintscheier a **Privatbesëtz**, a krut am Laf vun der Zäit verschidde Bestëmmungen (Mielspäicher, Konschtschräinerei, Bäckerei, **(dorum erënnert den ale Bakuewen am Keller)**, Dokteschpraxis, Spirituosen- an Tubaksgeschäft...).

D'Gemeng keeft d'Zéintscheier 1975 fir 1,1 Millioun Frang.


Gruewungen (Mauer)



Bei Gruewungen, duerchgefouert 2012-2013 vum CNRA virun der Restauratioun vum Gebai, ginn am Gaart vun der Zéintscheier **Mauere fräigeluegt, déi an d'13. Jorhonnert zréck datéiert** gi kënnen. Domat ass bestätegt, datt scho fréier e Gebai op dëser Plaz stoung.

Rochus-Statu (Monique Hermes)

Et muss ee schwätze **vun der Pescht**, déi d'Uertschaft am 17. Jorhonnert uerg heemgesicht hat – Gréiwemaacher hat laang eng **Rochus-Brudderschaft**; an de „**Peschthellegen**“ Rochus gouf an der Kräizkapell ganz besonnesch veréiert.




Kräizkapell (Anouk Antony)



Et muss een och eppes erziele **vum Häerzstéck** vun der Uertschaft un der Musel, **der Kräizkapell**, déi, wéi se haut do steet, 1737 duerch d'Laanghaus erweidert ginn ass. **Kräizerbiereg a Kräizkapell sinn zënter 1956 Monument fir déi Gefalen aus dem 2. Weltkrich** – an d'Kapell mat hirem monumentale Kräiz iwwer dem Haaptaltor, grad ewéi de Kräizwee, sinn zënter 2015 als Nationalmonument klasséiert.

Kräiz iwwer Maacher (Bertels)

En éischt Zeechnes **vun engem Kräiz um Kräizerbierg** fanne mer awer scho **1571** an engem Buch vum spéideren lechternacher Abt Johann Bertels, deen deemools „Kämmerer“ – Schatzmeeschter – an der Abtei Neimënster am Gronn war.




Syr (Roger Steffen)



Et kënnt een net laanscht **de grouse Brand**, deen am Joer **1822** am Ganzen 147 Haiser (vun 341), 80 Ställ an 39 Scheieren mat dem Fudder dran zerstéiert huet. De Brand war an der ënneschter Syr ugaang, well e Bierger an där enker Gaass e Schwäin geschluecht an deem duerno d'Buuschte gesengt hat. Et war vill Loft, d'Quonke si geflunn, an d'Katastrof ass an enke Gaassen a bei klengen Haiser mat Stréidächer net ausbliwwen...

Ordonnance – Hëllef



Deemools sinn net nëmmen **déi Tréierer Pompjeeë mat hirer Sprëtz** deene Maacher zuhëllef komm, mä et ass och **en Opruff vun der Regierung** gemaach ginn, dass d'ganzt Land soll spenden, fir datt Maacher erëm op d'Been kéim.

De Goethe (Wikipedia)



Et muss Rieds goe **vum däitschen Dichterstürst Goethe**, dee **1792** zu Maacher Halt gemaach huet, wéi en op de Feldzug a Frankräich gezunn ass. Maacher war nämlech eng wichteg Stad an der Grofschaft a spéider am Herzogtum LëtzebuergUm Prosteneck, wou d'Post- an d'Postkutschestatioun deemols war, huet hie sech hei **mam deemolege Postmeeschter Philipp Johann Jolliot** ënnerhal.

Den Napoléon (Wikipedia)



Et muss een och schwätze **vum franséische Keeser Napoléon I.**,
deen **den 9. Oktober 1804** vum deemolege **Buergermeeschter**
Ferdinand (de) Thierry an der Muselmetropol ëmfaang a
feierlech begréisst.

De Blannen Theis (Monique Hermes)



Et kënnt een net laanscht **de Blannen Theis**. Hien ass 1747 zu Maacher op d'Welt komm, a well e ganz schlecht oder guer net gesinn huet, huet en **de Beruff vun engem Spillmann ergraff**, dee – mat senger Fra a mat sengem Hond – vu Fest zu Fest a vun Uert zu Uert gezunn ass, an d'Leit mat senger Liddercher ameséiert huet. **Hien hätt déi éischt Liddercher a lëtzebuerger Sprooch gesongen**, ass festgehal. De blannen Theis ass 1824 veraarmt zu Eech/Lëtzebuerg gestuerwen. Hien huet **zënter 1991 eng schéi Statu zu Maacher**, déi de Kënschtler Wil Lofy geschaf huet.

De Frantz Seimetz



Een anert Gréiwemaacher Unikum war de Moler, Schrëftsteller a Weltebummler Frantz Seimetz.

Seimetz-Haus (Monique Hermes)



An der ieweschter Groussgaass, souzesoen am Schiet vum Kierchtur, ass hien 1838 op d'Welt komm – deemools war Lëtzebuerg schon e Grossherzogtum. Hien huet senger Nowelt vu senge ville Reesen uechter d'ganz Welt ganz vill schéin Tableauen hannerlooss. Och vifll Selbstportraiten a Portraite vu senge Frënn huet de Seimetz gemoolt. D'Stad Maacher huet eleng 66 Seimetz-Tableauen.

Och véier sprëtzeg Bicher mam Titel „Der Feuersalamander“ huet de Seimetz um Enn vu sengem Liewe geschriwwen, éiert en 1934 an der Stad gestuerwen ass.

Ee vun de Spréch doraus ass deen hei:

***Dem einen kommt der Verstand mit dem Alter,
dem anderen kommt das Alter mit dem Verstand;
er hat also Aussicht, länger jung zu bleiben.***

Spure vum 2. Weltkrieg

Et muss ee schlussendlech och schwätze **vun de Spuren, déi déi schrecklech Zäit vum Zweete Weltkrieg an der Muselmetropol hannerlooss hat.**

Esou huet et um **Prosteneck**...






... an esou **no bei der Bréck** (déi net méi do war), ausgesinn.

Mä domat wëlle mer net
ophalen.

Grevenmacher – Ferraris-Karte



Well aus dem Gréiwemaacher, wéi et **Enn des 18. Jorhonnerts**
op der Ferraris-Kaart duergestallt ass...

Turgaass – Plang



... aus der „Festungsstad“, op där hire Spuren een zënter 1997 wandele kann...

Gréiwemaacher – Vue

**... ass haut eng modern Stiedche ginn,
an där et sech gutt liewe léisst!**





(Foto: Simone Gehlen-Welter)

**Merci fir är
Opmierksamkeet**